NEWSLETTER

MLGREEN ËMWELTGRUPP

zënter 2018

Juli2024

D'ganz Ekipp vum **MLGreen** wënscht lech
eng ganz schéin an erhuelsam **Vakanz**.

Green-Days 25. & 26. Maërz

Fir eise Schüler/innen d'Thematik vun der Nohaltegkeet méi no ze bréngen, huet den MLGreen de 25. an de 26. Mäerz 2024 op e neits d'Green-Days fir all eis **4ièmen** organiséiert.

11 Klassen hunn déi zwee Deeg u verschidde Workshops zum Thema **Ëmweltschutz, Mobilitéit, nohaltege Konsum an Déiereschutz** Deel geholl.

Nieft dem MLGreen selwer hunn och 7 verschidden Associatioune gehollef eis Green-Days ze gestalten: **Fairtrade, Superdreckskëscht, Restopolis, ProVelo, Natur&Ëmwelt, Sea Shepherd, SIDEST.**

Regional Nohaltegkeetsgrupp

Den MLGreen huet zesumme mam **LCE** an den **Lënster Lycée** den 22. Mäerz en Austausch zu Lënster mat hire Schüler organiséiert.

E puer Schüler vun der **3GSN**, konnten hei matmaachen, a konnten sech mat aner engagéiert Schüler aus dem Lënster Lycée an den LCE an de verschidden Workshops austauschen.

Schoulfest 2024

Den MLGreen huet och bei dësem Schoulfest, mat Hëllef vun e puer motivéiert Enseignanten, ee Stand mam **“Smoothie-Bike”** proposéiert. Eis Friichte goufe vun der **COPAL** gesponsert.

Mir hunn am ganzen **200 Smoothies** u motivéiert Schüler an Enseignante verdeelt. Déi hunn alleguer misste selwer pedalléieren a kruten duerno hire gesonde Smoothie ze schmaachen...

“Pick a Bike”

Wann dir e Vëlo braucht fir :

- op Maacher eppes **akafe** goen
- op Maacher eppes **iesse** goen
- einfach Loscht op e klenge Tour laanscht d’**Musel** fueren
- méi grousse **Circuit** fueren, wéi z.B. dësen **Tour** vu 14km. https://www.lux-trier.info/fr/a-vtt

Egal firwat dir e Vëlo braucht, bei eis kënnt dir ganz einfach bis zu **4 Vëloe** geléint kréien... an dat och nach de ganzen Mount **Juli**.

mlgreen@mlg.lu